N°1485
Entrée le 07.11.2024
Chambre des Députés
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Claude Wiseler
Luxembourg, le 08.11.2024
Chambre des Députés

PIRATEN
SENSIBILITÉ POLITIQUE
22, RUE DE L'EAU
L-1449 LUXEMBOURG

Claude WISELER
President vun der
Chamber vun den Deputéierten
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 07/11/2024

**Här President,**

**Sou wéi den Artikel 80 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech lech, dës parlamentaresch Fro un d'Ministesch fir Verdeedegung weiderzeleeden.**

De 16te Mee 2023 huet d'Chamber de Gesetzesprojet 8156 ugeholl, mat deem de Programm «Medium Earth Orbit Global Services » (MGS) finanzéiert sollt ginn. Bei dësem Programm geet et drëms zesumme mat den USA iwwert d'NATO (NSPA) Kapazitéite vun engem Satellittesystem bei der SES ze kafen.

D'Rapportrice vum Gesetzesprojet huet deemools gesot, dass de System Enn 2023 oder Ufank vun dësem Joers kéint operationell sinn an eis Arméi dann domadder ufänke kéint mat schaffen. Grad wéinst dem Iwwerfall vun der Ukrain duerch Russland kéint Lëtzebuerg esou och der Ukrain Kapazitéiten vu Satellitten zur Verfügung stellen.

An der Chamberssitzung vum 15te Mee 2024 hat ech d'Verdeedegungsministesch gefrot, wéi de Stand vum Satellit ass. Zu deem Zäitpunkt war de Satellittesystem fir d'Ukrain nach net operationell.

An deem Zesummenhang wéilt ech der Ministesch dës Fro stellen:

1. Ass de Militärsatellit Stand haut fir d'Besoinen vun der Ukrain operationell?
   Falls jo, wéi eng Servicer goufen iwwert dëse Satellitesystem der Ukrain zur Verfügung gestallt?

Mat déiwem Respekt,

GOERGEN Marc
Deputéierten